ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 10. Juli 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

D'Biodiversitéit hëlt weider drastesch of zu Lëtzebuerg. Moossname wéi de Monitoring vun den Déieren- a Planzenaarten an engem Portal wéi dem "iNaturalist" si wuel begréissenswäert, ma et bleift nach vill ze maache fir dem Arteschwund am Land entgéintzewierken.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Madamm Ëmweltminister gär folgend Froe stellen:

1. An eisen Naturschutzzonen, déi mëttlerweil 5% vun der Landesfläch ausmaachen, dierfe keng Pestiziden a praktesch keng Düngung méi agesat ginn. Firwat sinn dës Zonen net méi aarteräich?
2. Firwat hunn eis mëttlerweil bal 40 „Plans d'Action Espèces" an déi 28 „Plans d'Action Habitats", déi ganz käschtenintensiv sinn, net méi Resultater opweises?
3. Firwat gëtt et keng novollzéibar Analys a kee publizéierte Rapport iwwer déi spezifesch Ursaache vum offensichtleche Mësserfolleg vun den Aktiounspläng?
4. Firwat gëtt keng Analys oder Etüd iwwert den Afloss vum Prädatiounsdrock op eis Wisen- a Buedembréier gemaach?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten